


Zeitung vum 'natur musée' fir jonk Leit

De Panewippchen

N°83 2/2008

Dës Nummer gouf gemaach an
Zesummenarbeit mat
der Forstverwaltung



De Panewippchen gëtt op chlorfräi gebleechte Pabeier gedréckt.



'natur musée' - 25, rue Münster - L-2160 Lëtzebuerg

Tel.: 462233 450

www.naturmusée.lu

www.panda-club.lu

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche -
Musée national d'histoire naturelle - 'natur musée' -
Ministère de la Famille et de l'Intégration -
Service National de la Jeunesse -
Ministère de l'Environnement - Administration de l'Environnement -
Administration des Eaux et Forêts -
Ministère de la Santé -
Ministère de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire -
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

WUPP NEWS

Impressum:

Redaktionscomité:

S. Backes, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, S. Majerus, M. Reichard, F. Theisen, M. Ursone, Y. Wagener.

Texter: S. Goerens, C. Greisen, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Kirsch, M. Reichard.

Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, S. Hagen.

Fotoen: S. Goerens, S. Hagen, M. Kirsch.

Wëssenschaftleche Rot: C. Brochmann, M. Reichard.

D'Texter goufen duerchgelies vum P. Michaely

Sammelt Muschelen!

Muschelen ...



- Eng Ausstellung am 'natur musée' vum Oktober 2008 un!
- D'Thema vum Panewippchen N° 84!

- Aktivitéite vum

Panda - Club am Hierscht!

Dofir sammelt dëse Summer Muschelen a versuergt se gutt. Am Hierscht giff dir vill iwwert si gewuer, da kënt dir domat bastelen an dir kënt se mat an de Panda Club bréngen.



Bicher:

«Mon Atlas» vu Larousse. En Tour ëm d'Welt mat herrleche Kaarten an Zeechnungen, déi d'Hauptattraktiounen an d'Liewe vun de Leit an de verschiddene Länner weisen. Mat Riseweltkaart!
ISBN 2 03 553117 9
Ëm 20 Euros



2

Text: Sylvie Hagen

JULI - SEPTEMBER 2008

Wat ass am 'natur musée' lass?

Tiefgekühlt
21. März bis
31. August 2008



Wat si Polarregionen? Ass den Äisbier wierklech wäiss? Kréien d'Pinguine kal Féiss? Wee wunnt op de Polen? Wéi leeft een an der Keelt? Wat ass Blubber? Am Kader vum Internationale Polarjoer ass dës Ausstellung vum 'natur musée' ausgeschafft ginn a geet dono op den Tour.

Earthsong
vum 9. Mee bis
7. August 2008



D'Fotosausstellung «Earthsong» vum bekannte Fotograf Bernhard Edmaier weist op superflotte Fotoe Spueren a Mustere am Gesteng an op der Äerdkrust. Spueren, déi vum Wind, vum Waasser, vum Vulkanismus oder vun den tektonesche Kräfte geformt gi sinn.

Falsch!!! Feeler!!!

Am leschte Panewippchen N°82 ass der Redaktioun e Feeler ënnerlaf! Op der Sait 12 am Abschnitt 4 steet:
«Duerno entwéckele sech dann ons (de Flosspärelmuschelen hir) Eeër, déi bei de Kime vun de Baachfrelle sëtzen.»



Abee, dat ass falsch! D'Eeër sëtze bei de Kime vun der Flosspärelmuschel an net bei der Frell! Eréischt d'Larven, déi aus den Eeër klammen, sëtze sech bei de Frelle fest.



Wou kënnen mir hei zu Lëtzebuerg schwamme goen?

Yuppi, et ass geschwë Vakanz! Wat kënnen mir an der Vakanz maachen?



Wann et gutt waarm ass, kënnen mir an eng oppe Schwämm goen oder mir ginn an d'Waasser dobaussen. Da si mir och nach

gläichzäiteg an der Sonn.

Mä wouhi gi mir, wou mir och nach gutt schwamme kënnen? Am beschten an e Séi, an zwar entweder:

- o op de Stauséi bei Esch/Sauer
- o an de Séi op Weiswampech
- o an d'Baggerweieren zu Remerschen.

Do ass d'Waasser schéi propper a mir brauche keng Angscht ze hunn, krank ze ginn.


An de Baache kann ee jo och puddelen, och wann een do net richtig schwamme kann. Et muss een awer hei oppassen, datt

een net ze vill Schued mécht, an zwar: et kann ee Planze futti maachen an och déi kleng Insektlarven, déi un de Planzen, ënner de Steng an am Sand oder Kresi sinn. Hei muss een och drun denken, datt d'Waasserqualitéit nach net iwwerall gutt ass. Am beschten et freet ee virdrun bei der Waasserverwaltung no, wéi déi Qualitéit ass. Telefon: 26 02 86- 53

An och d'Sonnecrème net vergiessen!



Text: Monique Reichard




Wou d'Sonn um Himmel steet, seet eis wéi spéit et ass: wann d'Sonn opgeet, ass et moies, wann se héich um Himmel steet, ass et mëttes, a wann se ënner geet, ass et owes. Fréier gouf d'Auer um Kierchtuerm (déi eenzeg Auer am Duerf) nom Sonnestand gestallt.

Dës lokal Sonnezäit ass awer net méi ze gebrauchen, soubal een d'Nues méi wäit wéi säin eegene Kierchtuerm streckt; tatsächlech steet d'Sonn eng 7 Minutte méi spéit 'op Mëtteg' zu Bréissel wéi hei zu Lëtzebuerg. Weem seng Zäit gëllt da lo, wa mer mam Zuch vu Lëtzebuerg op Bréissel fueren?



Fir dat ze klären, ass 1884 op enger grousser internationaler Konferenz decidéiert ginn, fir déi vill verschidde lokal Zäiten openeen ofzestëmme. De Globus ass a 24 Zäitzonen opgedeelt ginn. An deenen eenzelnen Zäitzonen gëllt déi selwecht Auerzäit.



Mir leien an der mëttel-europäescher Zäitzone, zesumme mat Polen a Spuenien, mee och dem afrikaneschen Namibien. A Portugal z.B. sinn se eng Stonn hannendrun: Portugal läit westlech vun eis, wou d'Sonn moies e bësse méi spéit op geet.

An um Nordpol?



Um Nordpol lafen all d'Zäitzonen zesummen, grad wéi och d'Längegraden.




Cool, wann ech da genee um Nordpol stinn, dann ass et fir m'ai lénke Fouss 10 Auer moies, fir dee rietse Fouss 3 Auer am Nomëtten an d'Nues kann ech an d'Zäitzone strecken, wou et grad zu Mëtteg z'iesse gëtt!



A wann ech dann eng Kéier am Krees lafen, da sinn ech duerch all d'Zäitzonen gerannt!

Vläicht kéint ech op déi Manéier souguer duerch d'Zäit reesen, z.B. zrëck op gëschter goen?



Lo mol lues! Et ass net méiglech genee op deem klengen Punkt 'Nordpol' ze stoen! Dovun ofgesinn dreiwel sech do net sou Onmasse vu Mënsche ronderëm, datt d'Fro 'Wéini feiere mer Silvester?' akut wichteg wier.



Wann s du lo wëlles hues an d'Arktis ze goen, kanns du der ganz einfach déi Zäit mathuelen, déi s de wëlls! Dat heescht du decidéiers selwer no wéi enger Zäit datt s de liefs.*



*Grad wéi et op engem Schëff, wat iwwert den Atlantik duerch déi verschidde Zäitzonen tuckert, eng sougenannten "Bordzäit" gëtt.



Bedenk awer datt s de dech an der Polargéigend schlecht kanns no der Sonn riichte fir d'ain Dagesoflaf z'organisieren. No der laanger Polarnuecht vu bal 6 Méint, brauch d'Sonn 3 Woche fir opzegoen!

A wéivill Auer ass et dann um Südpol?



Op de Fuerschungstatiounen um antarktesche Kontinent hänken oft e puer Aueren niewenteneen:

Weltzäit (UTC)*: et ass 6 Auer

Offiziell ass fir d'Antarktis decidéiert ginn, datt do d'Weltzäit (UTC) gëllt, d.h. do ass et sou spéit wéi zu Greenwich an England (um Null-Längegrad) an z.B. och op der Internationaler Raumstatioun am Weltall. Et ass och déi Zäit, déi d'Wëssenschaffler vun deene verschidde Statiounen gebrauchen, wa se matenee kommunikieren.

Chile (UTC-4): et ass 2 Auer

D'Liewen op der Statioun selwer leeft awer oft no enger anerer Zäit of, an zwar déi vum Flughafen vum deem se beliwert gëtt, z.B. am Chile.


Däitschland (UTC+1): et ass 7 Auer

An dann hängt do och nach eng Auer, wou d'Zäit vun der Statioun hirem Heemechtsland (z.B. Däitschland) drop ugewise gëtt. Net onpraktesch wann ee wëllt kuerz bei der Famill doheem urufen.

**"Coordinated Universal Time" op Englisch



Fleemlech Fäscher



Gröösst: 1 - 1,2 m

Gewicht: 7 - 9 kg



Haut
probéiert dir mol
selwer e Fäscher ze fänken.
Ech hunn iech déi lescht Deeg jo
gewisen, wéi et geet.



Sief frau,
datt mir en décke
Pelz hunn, deen eis
géint d'Keelt an d'Waasser
schützt!


Brrr -
d'Waasser ass
haut bestëmmt rëm
kal!



Sou, mir
ginn elo bis bei
d'Weiieren dohannen. Do
däerft dir da Fräsche fänken.
Mä laaft net inwert d'Strooss, well
do fiert onse geféierlechste Feind
an senge Sténkkëschte
laanscht.



Dir
musst nach
vill léieren, bis dir
eleng eens gitt. Kommt
heihin, et gi Frellen
als Entrée, ech hunn 3
Klenger Kritt.



Wann s
du sou Spuere fënns, da
ruff un um 462233455!



Spur vun der
viischer an der
henneschter Patt.



Huet Schwammhait téschent den Léiwen.



naasse Pelz



dréchene Pelz

Dem Otter säin naasse Pelz gesäit aus wéi lauter Pinselpëtzen. Den dréchene Pelz ass glat. Fréier gouf den Otter vun de Mënsche wéinst sengem Pelz gejot. Doduerch an och duerch d'Zerstéierung vu sengem Liewensraum an d'Verschmutzung vun de Baachen ass hie ganz seele ginn.



Mamm, Hëllef! Do hanne sëtze Monsteren am Waasser!

Dat si nëmme Reeër. Déi doen ons näischt, mä si nerve just.

Déi hu mir gär. Nuets omni Permis an onsem Weier fëschchen. Verschwannt!



Mir stinn ënner Naturschutz. Loosst ons a Rou!



Gudden Appetit!



Mamm, ech si midd. Wéini gi mir Heem?



Dohannen ass eng déck Schléiwenheck niewent dem Bësch. Do kënnen mir den Owend schlafen.

Gi mir dann net an ons Hiel gréck?

Neen, dat ass ze wäit. Mir Otteren hu ganz vill Schlafplazen an onsem Revéier a normalerweis verstoppe mir ons am Dag ëmmer op enger anerer Plaz.



Aua! Ech hu mech gepickt!

Dat ass net schlëm. Schlooft gutt.



Otter, *Lutra lutra*

Lieft just bei ganz proppere Baachen, wou vill Beem un den Ufere stinn. An de leschte Joer si just e puer Mol Spuere zum Otter am Eislek fonnt ginn. Kien ass zu Lëtzebuerg also ganz rar. Den Otter ass a ganz Europa geschützt.



experimentieren



basteln



kochen a brachen



Kniwwel



Klimaanlag Bësch

De Bësch ass déi beschte Klimaanlag! Duerch d'Blieder verdonst d'Waasser an dat killt. Op engem sonnegen Dag mécht jiddwer Bam 13 Kilo Sauerstoff. Dat bréngt 13 Leit frësch Loft.

1 Füll 2 grouss Glieder genee d'nämlecht mat Waasser.



2 Mol mat engem Stëft baussen um Glas e Stréch, do wou d'Waasser ophält.



3 Stell an all Glas en Aascht mat Blieder drun, bei engem plécks du d'Blieder of.



4 Schëtt eng Strutz Ueleg an all Glas, fir datt d'Waasser net verdonst.



5 Kuck eng Woch laang, wéivill Waasser nach an de Glieder ass. Wat geschitt? Wou ass d'Waasser hin?



Uebstspisser



1 Schneid Uebst a kleng Stécker. Stiech ofwiesselnd verschidde Stécker Uebst op Spiisser.



2 Drëps e bëssen Zitroun drop, fir datt d'Äppel an d'Bananen net brong ginn.



3 Huwwel Schockela a kleng Stécker.



5 Schëtt Schockela iwwert d'Spiisser oder dréin d'Spiisser am Schockela.



4 Schmelz en op klengem Feier.



Gudolen Appetit

6 Text: Sylvie Hagen

kriwwelen



rätselen



bauen



spillen an amesieren


Saiten



Fröndschaft Knäppen


Text: Monique Kirsch

Et ass en uralen Brauch: mir schenken engem léiwem Mënsch e Fröndschaftsband - als Zeechen dofir, dass ee matenee verbonnen ass.



1 Schneid vun dräi Faarwen zwee (ongeféier) 80 cm laang Fiedem of. Verkniert dës 6 Fiedem uewe mateneen, sou dass iwwer dem Knuet nach 10 cm Schnouer bleiwen. Maach de Knuet net ze fest, herno muss en erëm lass gemaach ginn. Stiech eng Sécherheetsnol duerch de Knuet a spéngel dat Ganzt un däi Boxeben. Lee d'Fiedem wéi op der Foto.


2 Elo fängt dat richtegt Knäppen un. Schléng de rietse mofe Fuedem ëm de roude Fuedem léns niewendrun an zéi de Knuet no uewe fest un. Wiederhuel dës Schrëtt nach eng Kéier. Nëmme duerch den duebele Knuet entsteet d'Knubbel. De mofe Fuedem gëtt beweegt, hee wandert no léns.



3 Verkniert de mofen Fuedem op déi selwescht Manier mat dem giele Fuedem, dann erëm mat deem mofen - an ëmmer esou weider! Wann s du mat deem mofe Fuedem ganz léns ukomm bass, ass déi éischt "Queeschsträif" fäerdeg! Fänk déi zweet Sträif mat deem roude Fuedem un, dee ganz léns läit.



4 Knäpp so lang Queeschsträifen, bis de Fröndschaftsband ëm däin Handgelenk passt. Duerno deels du déi 6 Fiedem op a méchs zwou Trëtzen aus 3 Fiedem. Léis uewen de Knuet op a maach och do zwou Trëtzen. Benotz déi véier Trëtzen fir däi Band zou ze maachen.



Keeën Héichwaasser am Bësch

De Bësch hält mat all senger Planze vill Waasser un. No vill Reen leeft d'Waasser net direkt fort, mee gëtt am Buedem an an de Planze gespäichert. Da gëtt et keng Iwwerschwemmung. Probéier et aus:



1 Huel der ee klengt Mooskëssen aus dem Bësch mat Heem. Looss et 2 Deeg dréchnen.



2 Lee et op d'Kichewo a kuck, wéi schwéier et ass.



3 Lee et op en Teller a schétt lues Waasser driwwer, bis et vollgesuckelt ass.



4 Wei et nach eemol.



Text: Sylvie Hagen

Kosengtreff bei o

Mir gefale Fiichtgebidder! Bëscher oder Wisen ass egal, d'Haaptsaach ech ka mer Äerdhieie gruewen. Ech sinn nuets um Tour a fänke Fräschen, Mais, Raten an och alt Vullen. Ech sinn zwar kleng, mee wann ee mir ze no kënnt, da man ech meng Sténkdrüsen eidel an dat wëlls du net richen! Dowéinst ginn ech Sténkdéier genannt.

Iltis 30-45 cm

Otter 60-85 cm

u menger schwaarzer Schwanzspëtz erkennst du mech.

Dachs 60-85 cm

Hermelin 20-30 cm

Ech si Meeschter am Gruewen: Ech baue Buerge mat e puer Stäck an engem Labyrinth vu Gäng! Logesch, datt ech a mengem Revéier a Bëscher, Felder, Wisen, bei Waasser ëmmer labbere Buedem brauch. Ech friessen eigentlech alles: Fräschen, Schleeken, Wullmais, Bieren, Friichten, Wuerzelen, ... Dat sichen ech mer um Buedem op ëmgefalene Beem an a Straicher. Lafe kann ech net sou gutt, dof r sinn ech vill ze vill schwéierfällg!

Der Famil Marder

Du wäers et schon erausfonnt hunn: ech liewen am Bësch a wunnen a Bamhielen. Klamme kann ech super an ech sinn deen eenzegen aus der Famill, deen et mat engem Kaweechelchen ophëlt. Meeschtens friessen ech awer Mais a Vullen um Buedem. Ech sinn nuets ënnerwee.

Bammarder 40-58 cm

Mauswiesel 15-25 cm

Ech braddelen elo näischt méi hei.. Kuck einfach Säit 4&5.

Si soe jo, ech géif enger Maus gläichen: Abee, dann awer enger laanger, gouereger a ganz séierer Maus. Mech erkenns de dorun, datt ech wäit Spréng maachen, wéi Wellen. Ech sinn dee klengste Maisjeeër an Europa. Wat ech am allerléifste friesse si Mais. Ech joe gäer um Buedem, kann awer och gutt kloteren a kommen an all klengt Lach eran - Mais, opgepasst! Op der Sich no eppes lessbarem stinn ech alt op mengen 2 hënneschte Patten a richen. Mir gi leider net al, well mir ganz vill Feinden hunn.

Schlank a gelenkeg sinn ech am Dag an an der Nuecht ënnerwee. A mengem grouse Revéier sinn ech am léifsten um Buedem a wunnen a Fielssplécken an Ärdlächer. Ech kann awer och op Beem klammen. Am léifsten hunn ech Plaze mat Hecken a Maueren, f r mech i ze verstoppen. Ech friesse Mais, Spëtzmais a Vullen. A propos pipifax: 30 km/ Stonn séier lafen, maach dat mol no!

Ganz originell ass et net: mäin Numm krut ech, well ech mech am léifsten ronderëm Haiser an Dierfer ophalen. Ech sinn och nuets ënnerwee. Op Eeër sinn ech ganz schaarf, soss friessen ech Fräschen, Mais, Vullen a Reewierm. Klotere kann ech och gutt an dobäi nach super schwammen a sprangen. E Sprong vun 1,5 Meter ass pipifax f r mech. i An - ehm - tjo, ech sinn och deen, dee verantwortlech ass f r futtis Kabelen ënnert der Motorhauf. Do spillen, friessen a rolze mir a wann ieren e frieme Männchen ënnert menger Motorhauf säi Revéier markéiert huet, ginn ech sou rosen, datt ech alles futti rappen.

Steemarder 40-50 cm

Duerch sou e klengt Lach passen ech!

cool duerch

Maach et wéi Otter, Marder a Co!
Ameseier dech dobaussen!



Klammern



Schwammen



Fänkches spillen



Denk drun: Schütz dech virun der Sonn!
Wat d'Haut méi hell ass, wat se méi Schutz brauch

D'Sonn - eise Frënd

Mir brauchen d'Sonn:

D'Sonn - eise Feind

D'Sonn ass geféierlech!

Si schéckt vill Stralen op d'Äerd, dorënner d'UV-Stralen. Dat sinn ultraviolett Stralen, déi sinn onsiichtbar a wieren net. Si sinn ëmmer do, wann d'Sonn schéngt. Déi Strale ginn an d'Haut an an d'Aen a verletze se. Dat ass de Sonnebrand.

Zevill Sonn bréngt

SONNEBRAND
SONNESTACH

D'Sonn - eise Frënd

wa mir eis schützen!

E puer Tips:

Ob beim Mier, beim Sandbuergebauen oder op der Spillplaz, um Schoulausfluch, an der Kolonie, am Gaart, beim Grillen, Sonneschutz muss sinn!

1
Net téschent 12.00 a 16.00 Auer an d'Sonn!
Dat ass déi Zäit, wou däi Schiet méi kuerz ass, wéi s du.



2
Léiwier am Schiet wéi an der praller Sonn!

de Summer

eis Batterie gëtt opgelueden, mir kréien nei Energie

eisen Immunsystem gëtt gestärkt, mir ginn net sou séier krank

onse Kierper brauch d'Sonn fir Vitamin D ze man, déi de Calcium an eisem Kierper festhält - onbedéngt wichtig fir eis Schanken

d'Luucht vun der Sonn mécht gutt Laun

Mä: 10 Minuten all Dag ginn duer!

ALLERGIEN

AUSDRECHNEN


AENKRANKHEETEN, déi blann kënne maachen

HAUTKRIIDS

WETZSCHLAG



Och bei liichte Wollécken, Wand a fréschen Temperaturen ass Gefor



Waasser, Schnéi a Sand maachen, datt d'Strale vun der Sonn nach méi staark wierken



Waasser, Schnéi a Sand reflektéieren d'Strale vun der Sonn!

An de Bierger héich op sinn d'Strale vun der Sonn och méi staark.

Cooler Sonnenoutfit:

3

Hutt mat breedem Bord

4

T-Shirt a BOX aus dichtgewiefftem Stoff, déi net enk um Kierper uleien. Am Waasser och en T-Shirt undoen!

5

E grouse Sonnebrëll mat 100% UV-Schutz

6

Schung, déi de Fouss bedecken

7

Sonnecrème:

minimum Schutzfaktor 25 a waasserfest. 20 Minuten ier een an d'Sonn geet areiwen, all 2 Stonne widerhuelen, och no all Schwammen a Schweessen. D'Oueren, d'Aendeckelen an d'Féiss net vergiessen!

35

8

Ganz vill drénken!

waasser

Fir d'Elteren

Puppelcher a Kanner ënner 3 Joer sollen net an d'Sonn. Schützt Är Kanner, well 80% vun allen Hautsied kommen duerch Sonnebränn virum 18. Liewensjoer.

Trotz all Reklamm brénge Sonnebänken a Solarium Gefor. Och an deene beschte Sonnebänken sinn UV-Stralen (UVB an UVA) déi verbrennen an der Luucht. Dacks ass d'Intensitéit vun de Stralen am Solarium vill méi héich wéi déi vun der Sonn. Keng Sonnebänk ënner 18 Joer an dono bewosst spuersam domat ëmgoen.

Rout-sinn ass en äusserlecht Zeechen vum Schued, deen duerch d'Sonn entstan ass.

Louhecken



Virun 200 Joer sinn am Éislek déi natierlech Biche-Bëscher ewechgemaach ginn an duerch Louhecken ersat ginn.



Louhecken si niddreg Eeche-Bëscher, déi fréier all 20-30 Joer am Fréijoer ëmgeha gi sinn. Am Fréijoer kënnt de Saaft an d'Beem an d' Schuel geet méi liicht erof. D'Wuerzele suckelen d' Waasser aus dem Buedem an dofir geet

d' Schuel besser rof. D'Beem si geschielt ginn an d' Lou (= Schuel vun den Eeche) ass gebraucht ginn, fir d' Lieder (= Haut vun de Kéi) ze gierwen. Ouni d'Gierwe géing d' Lieder vermuuschten an et kéint och net verschafft ginn (fir Schong ze man). D' Holz vun den Eeche ass geholl ginn, fir doheem am Wanter d' Haus ze hëtzen. Duerno ass näischt méi am Bësch gemaach ginn. No engem Joer schéissen déi Stëmp vun den ëmgehaene Beem rëm aus an aus dëse Schëss ginn nei Eeche.



Dofir stinn an enger Louheck d'Eeche nimmer am Krees.

Nom 2. Weltkrich ass d' Lou gréisstendeels duerch chemesch Gierwmëttelen ersat ginn, déi méi bëlleg sinn. Haut gëtt awer nach Lou benotzt, fir ganz gutt Liederschong ze man.

All Joer ass am Mee am Kiischpelt d' Loufest, wou och Kanner schläisse (= Eeche schielen) kënnen.



← 2 Meter, do kënnt een am Stoen nach gutt drun

Fir d'Éischt gëtt mam Rësser d' Schuel vun den Eeche ugeritzt an da gëtt de Bam bis op eng Héicht vun 2 Meter geschielt.



↗ Duerno gëtt de Bam ëmgeseet.

Am Stoen ass dës Aarbecht méi liicht.





Mat der Kromm ginn déi kleng Äscht ewechgemaach



D'Staangen (=geschielte Beem) ginn als Brennholz verkaaft.



an duerno gëtt de ganze Bam mam Louschlëssel geschielt.



Op den dënnen Äscht gëtt mam Hummer d'Schuel lassgeklappt.



Déi geschielten Äscht gi Louklëppelen genannt.




D'Schuel vun den Äscht a vum Bam gëtt zesummegestréckt an duerno un d'Gierwereien verkaaft.

De klenge Stäreluussert


De grouse Won

De Summer ass eng giedeleg Zäit, fir sech owes an der Däischtert an eng Wiss ze leeën an den Himmel eemol méi genee enert d'Lupp ze huelen. Um Nuetshimmel kann een nawell viles entdecken: Stären a Stärebiller, d'Mëllechstrooss an natierlech och Stäreschnäizen. Well et awer eng helle Wull vun deene Stäre gëtt an et net esou einfach ass, sech do erëm ze fannen, wëlle mir iech hei e puer wichteg Stärebiller weisen, déi een och einfach kann erëmerkennen.




Dir fannt de grouse Won, wann dir an der Nuecht Richtung Norden kuckt. En ass eigentlech zimlech einfach ze erkennen, well e gesäit aus ewéi e „groussen Zoppeläffel“.


De klenge Won




Dir gesidd och op der Zeechnung vum Stärenhimmel, datt de grouse Won e Stéck vun engem anere Stärebild ass, dem grouse Bier (Ursa major).



De klenge Won gläicht dem grouse Won an ass och net schwéier ze fannen, wann een de grouse Won schonns fonnt huet. Denk dir eng Linn duerch déi zwee viischt Stäre vum grouse Won. Op där Linn trefft du op e bessi méi een helle Stär, de Polarstär oder Polaris. Dat ass den éischte Stär vum Grëff vun onsem „klengen Zoppeläffel“.



Cassiopeia



Dëst Stärebild gesäit aus wéi e grouse „W“ an ass och am Norden ze gesinn. Dir gesidd op der Zeechnung, datt d'Cassiopeia net wäit vum klenge Won ewech läit.



Stäreschnäizen

Stäreschnäize gi vun de Wëssenschaftler Meteore genannt. Et handelt sech em Gestengsgrimmelen, déi duerch de Weltall fléien. Dee Moment, wou si an d'Äerdatmosfera kommen, gi si vun der Loft esou staark ofgebremst, datt si ufänken ze vergléien. Doduercher gesi mir um Nuetshimmel en helle Punkt, dee séier eroffällt an op eemol ophält mat lichten, eng Stäreschnäiz. Am Summer kann een déi sougenannte Perseide gesinn. Dat sinn eng helle Wull vu Stäreschnäizen, déi all Joer téschent dem 17. Juli an dem 24. August (am beschten ass dëst Joer den 13. August) um Stärenhimmel laanscht zéien.



Tipps an Tricks Beim Stäreluussen


- Sech guft waarm undoen (wa keng Wolleken um Himmel sinn, also guft Wieder ass fir Stären ze kucken, killt et séier of!).
- Sich der eng Plaz, wou s du no alle Säite kucke kanns an déi wäit ewech läit vu Stroosseluuchten (wat et méi däischer ass, wat ee méi Stäre gesäit).

Wat huelen ech mat fir Stären ze beobachten:

- E Kompass
- Eng Stärekaart oder e Stärebuch
- Eng Täscheluucht (maach eng rout Folie vir un d'Luucht, da gëss du net ëmmer esou geblend, wann s du déi hell Säite vun dengem Stärebuch ustraals)
- Eng Decken

De Panda Club organiséiert am August 2008 Aktivitéiten iwwert d'Stären an d'Stärekucken. Méi Detailler fënns du am Panda News 4/2008 oder ënnert

www.panda-club.lu





Aprill 2008

Geckeg Mathematik



Gemeis
Aprill 2008



Wikingar



Planetarium
Februar 2008



März 2008

